



**Äntwert vun der Madamm Elisabeth MARGUE, Justizministesch, op d'parlamentaresch Fro n°1010
vum 15. Juli 2024 vun dem honorabelen Deputéierten Här Dan HARDY**

1. D'Zeien an de Schlässer déi en Huissier bei enger Vollstreckungsmoosnam begleeden, gi vun dësem rausgesicht. Bei enger *saisie-exécution* oder enger *saisie conservatoire* applizéieren sech eng Rei Incompatibilitéiten, déi am Artikel 721 vum *Nouveau Code de procédure civile* (NCPC) stinn an en Impakt op d'Persoun vum Zeien hunn : « *L'huissier sera assisté de deux témoins luxembourgeois majeurs, non parents ni alliés des parties ou de l'huissier, jusqu'au degré de cousin issu de germain inclusivement, ni leurs domestiques (...)* ».

D'*Chambre des huissiers de justice* präziséiert, datt hier Memberen drop Uecht ginn, Leit rauszesichen déi sech respektvoll a professionell behuelen.

De Polizist gëtt op Ufro vum Huissier vun der betraffener Regionaldirektioun designéiert. D'Regionaldirektioun designéiert e Polizist aus hiren disponibele Beamten, deen d'Qualitéit vum *officier de police judiciaire* huet.

En *officier de police judiciaire* schafft net forcement am *Service de police judiciaire*.

2. D'Aufgab vun den Zeien ass et, den Oflaf vun der Vollstreckungsmoosnam ze bezeien, dat souwuel am Interêt vum Creancier, deen net däerf dobäi sinn, wéi vum Debiteur (dëst virun allem wann den Debiteur net do ass wann d' Vollstreckungsmoosnam stattfënnt).

Den Artikel 721 vum NCPC gesäit vir, datt d'Zeien de Procès-verbal vun der Vollstreckungsmoosnam ënnerschreiwien (« (...) *les témoins signeront l'original et les copies.* »).

3. D'Entscheidung ass net vum Gesetz festgeluecht. Si gëtt vum jeeweilegen Huissier festgeluecht a läit an der Moyenne bei 13,75 Euro.
4. Et ass net d'Aufgab vun den Zeien, Fotoen oder Videoen op privatem Terrain oder an der Wunneng ze maachen.
5. Et gëtt keng spezifesch Reegelung, déi den Ëmfang vun de Schied begrenzt. Hei applizéieren sech gegebenenfalls déi generell Reegele vun der *Responsabilité civile*.
6. D'Huissieren däerfe keng Dieren onnéideg beschiedegen. Dat gëllt souwuel fir denkmalgeschützt Diere wéi fir net geschützt Dieren.
7. Wann e Feeler am Sënn vun de Reegele vun der *Responsabilité civile* virläit, da kann déi geschiedegt Persoun en zivilrechtliche Recours maache fir entschiedegt ze ginn. D'Huissieren hunn eng Versécherung fir hier berufflech Haftpflicht.



8. Wann déi geschiedegt Persoun der Meenung ass, datt eng Strofdot virläit, kann si eng Plainte maachen. Mir hu keng Zuelen zu Plainten, déi an de leschte 5 Joer gemaach gi sinn.

Wéi am Punkt 7 beschriwwen, kann déi geschiedegt Persoun och en zivilrechtliche Recours maache fir entschiedegt ze ginn, wann e Feeler am Sënn vun der *Responsabilité civile* virläit.

Des Weidere kann eng geschiedegt Persoun sech bei der *Chambre des huissiers de justice* beschwéieren.

9. Den Tëscheffall deen den honorabelen Deputéierte beschreift, an dee punktuell Aspekter vun der Aarbecht vum Huissier betrëfft, verlaangt am Moment keng ëmfaassend Reform vum Statut vum Huissier.

Lëtzebuerg, den 3. Oktober 2024.

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue